N°1462
Entrée le 02.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 1462 vum 5. November 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

D'Direktioun fir Defense huet ee Kontrakt mat SpaceX fir am Laf vum éischte Semester 2025 de Satellit vum LUXEOSys Äerdobservatiounssystem op Orbit ze bréngen. D'Detailer vun deem Kontrakt goufen an der Sëtzung vun der Defensekommissioun zesumme mat der Budgetskontrollkommissioun vun der Chamber vum 5. Februar 2024 presentéiert. An där Sëtzung gouf den Deputéierten och erkläert, dass dëse Wiessel doduerch entstan ass, dass wa mir beim eenzeg anere Provider aus engem NATO-Memberstaat bliwwe wären, dat mat extrem héijen Zousazkäschten a villen Onsécherheete betreffend den Assurancen an dem Launch selwer verbonne gewiescht wier. Dës Situatioun huet nach net substanziell geännert a SpaceX bleift aktuell déi bescht Optioun fir de Satellit an de Weltall ze lancéieren.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes